



Eigentlech maache mer jo och zum Deel awer eppes ganz Normales am 21. Jorhonnert. Zum Beispill, doriwwer, datt Agenten, déi dem Bistum ënnerstallt sinn, an der ëffentlecher Schoul intervenéieren, denken ech, si mer eis eens, datt dat awer net an d'21. Joerhonnert gehéiert. Do misst eigentlech och eng CSV domadder kënnen liewen, mat där Ausso. Wéi dat mat der ADR ass, dat weess ech net.

Doriwwer eraus wësse mer jo awer och, datt Lëtzebuerg haut en anert Land ass wéi nach bei deene Schrëtt, déi virdu gemaach goufen an där Entkopplung vu Relioun an der kathoulescher Kierch an der ëffentlecher Schoul. Lëtzebuerg ass haut extrem méi heterogen mat ville verschiddenen Nationalitéiten, ville verschiddene Kulturen, ville verschiddenen Traditiounen an och Reliounen, déi präsent sinn. A fréier wéi haut gouf et der och ëmmer a gëtt et der nach ëmmer, déi sech als reliéis empfangen, an anerer, déi sech awer och als net reliéis an net gleeweg empfangen.

An enger méi homogener Gesellschaft, an enger komplett homogener Gesellschaft géif d'Fro vun engem Reliouns- an Ethikunrecht sech eigentlech anescht ersstelle wéi haut zu Lëtzebuerg am Joer 2017. Do géif eng Generatioun hir Wäertevirstellungen an och hir reliéis oder net reliéis Iwwerzeegungen un déi nächst Generatioun viruginn. Nun ech denken, datt et richtig ass, datt mer haut d'Elteren do weider an d'Veantwortung huelen, an dat war jo och net kontestéiert ginn haut de Mëtten hei. Do stellt dat sécherlech kee Problem duer. D'Elteren, d'Relioungsgemeinschaften selwer, awer och déi net reliéis Denkrichtungen selwer sollen hir Iwwerzeegungen un eng nächst Generatioun kënnen weiderginn.

Mir hu jo och hei en Iwwergangsmodell fir de kathoulesche Reliounsunrecht geschafen, mat 40 equivalenten Temps-pleinen, déi och an enger Iwwergangszäit nach vum Stat un d'kathoulesche Kierch finanzéiert ginn: E kathoulesche Reliounsunrecht, no hirer Responsabilitéit (veuillez lire: deen d'Kierch op hir Responsabilitéit) ausserhalb vun der ëffentlecher Schoul kann ubidden. Nun, dat funktionéiert nach ëmmer alles. Fir d'ëffentlech Schoul ass dat awer schonn net méi esou einfach an enger heterogener Gesellschaft, wann dann d'Wäertevirstellung vum der Elterengeneratioun esou ënnerschiddlech dach awer sinn.

Mir missten entweder ganz vill verschidde Wäertecoursen aféieren, well déi zwou Alternativen, déi mer haut hunn, géife jo wahrscheinlech dem Spigelbild vun der Lëtzeburger Gesellschaft haut net méi Rechnung droen. Och déi Propos, déi jo diskutéiert ginn ass an déi mer eis ganz seriö ugekuckt hunn, vun engem Reliounenunrecht, denken ech, wär do keng Antwort drobber gewiescht, well esou Modeller nach ëmmer derzou féieren, datt Kanner no reliéisen oder net reliéise Virstellungen, meeschtens vun hiren Elteren, emol net vu sech selwer, getrennt ginn. An dat wëlle mer net.

A well d'Kanner, hir Elteren an eis Gesellschaft esou ënnerschiddlech sinn, wär et an den Ae vun der Regierung eng verpasste Chance, wann d'Kanner weider grad an där Situatioun a gleeweg an net gleeweg Kanner getrennt géifen, wou een iwwer Wäerter, de Sënn vum Liewen, d'Zesummeliewen an enger heterogener Gesellschaft nodenkt, diskutéiert a sech géigesäiteg soll kënnen kenneléieren.

Wéi wëllt ee sech eigentlech kënnen kenneléieren, sech respektéieren léieren, wa grad an deene Momenter, wou een iwwert déi dote Sujete schwätzt, deen, deen een nach net kennt, net därer debäi sinn a matdiskutéieren? Wéi kann d'ëffentlech Schoul esou hirer Roll gerecht ginn, fir eng Generatioun zesummen opwuessen ze loosse mat engem staarken Zesummenhalt trotz allen Ennerscheeder an engem grouse Respekt fir de Glaawen oder och d'Weltopfaassung vu senger Matmënschen?

Erlaabt mer, Madamm Presidentin, Dir Damen an Dir Hären, den Aerbzbischof Jean-Claude Hollerich ze zitieren, wat en am Te Deum 2017 gesot huet: „An do ass dann deen neien Defi, datt mer alleguerten am Fridden zesummeliewen. Dee Fridde muss méi si wéi Toleranz, well eng Toleranz, dat heescht jo just, datt ech deem anere gewësse Rechter ginn. Et muss Respekt do sinn, ee fir deen aneren. Mer müssen een deen anere verstoen an net ëmmer direkt dat Allerschlechste eis denken, wann een eppes seet, wat eis (...) net (...) honnertprozenteg passt.“ Dat sot den Aerbzbischof Jean-Claude Hollerich am Te Deum vun dësem Joer.

Géigesäitege Respekt a géigesäitegt Verständnis kritt een, wann een deen anere kennt, weess, wat en denkt a vu wat en iwwerzeegt ass, weess, wéi deen anere grad zu deene Froe vum Liewe steet, déi eleng mat rationellem

Denken eigentlech net kënnen erkläert ginn. E wierklech déifgräifende Respekt entwéckelt een awer net, wann een, grad wann et ëm reliéis oder weltanschaulich Froe geet, d'Kanner auseneendividéiert. An deem Sënn stellt den neie gemeinsamen Unterrecht vun „Vie et société“ eng enorm Chance fir den Zesummenhalt an och e friddlecht Zesummeliewen an eisem klengen Land duer, och wann e fir munchereen op deen éischte Bléck mat enger gewëssener Traditioun wäert brieden.

Dat neit Schoulfach „Vie et société“ baséiert op dräi inhaltliche Schwéierpunkten. Et geet drëms, Wëssen a Verständnis vun de verschiddene Reliounen an och net reliéise Weltanschauungen ze vermëttelen. De Mënsch kann nëmmen dat verstoen an och nëmmen dat respektéieren, wat e kennt, an e brauch, an do sinn ech mat deem engen a mat deem aneren absolut d'accord, och e Bagage, fir Reliounen an aner Weltanschauungen ze dekodéieren, ze verstoen, Phenomeener ze begräifen.

En zweete Piler ass ganz no un deem, wat mer praktesch Philosophie géifen nennen, wou Dialog a Reflexioun ganz grouss geschriwwen gëtt, wou sech mat Froe vu Liewen a Gesellschaft ausenangeresat gëtt, och kritesch ausenangeresat gëtt, wou Jonker och mat engem kritesche Geescht solle geimpft ginn, mat deem se duerch d'ganzt Liewe solle goen.

An en drëtten Piler vun deem neie Schoulfach Liewen a Gesellschaft ass d'Zesummeliewen. Dat ass eng Basiskompetenz fir d'Liewen an enger oppener an enger globaler Gesellschaft, déi net méi ewechzededenken ass.

An do sinn ech mam Laurent Zeimet dann awer net ganz eens, datt hei Liewen a Gesellschaft, dat neit Schoulfach, esou duergestallt ginn ass, wéi wann elo de Stat, wien och ëmmer dat da wär, am Numm vum Stat géif definéieren, wat fir eng Wäerter datt an deem dote Schoulfach an der ëffentlecher Schoul géife vermëttelt ginn.

Mir sinn eis alleguerten eens, datt et do ganz kloer e Kader muss ginn. Mënscherechter zum Beispill kënnen net a Fro gestallt ginn, kënnen net relativiséiert ginn. Mä op där anerer Säit geet et hei net drëms, fir virzedefinéieren, wat fir eng Wäerter enger nächster Generatioun do müssen ageimpft ginn. Mä et geet drëms, der nächster Generatioun d'Kompetenz mat op de Wee ze ginn, sech selwer bei där Villfalt vu Wäertevirstellungen do sech dat erauszesechen, wat zu engem passt, an awer och virun allem dat, wat anescht ass, kennenzeléieren a respektéieren ze léieren. Dat ass den Usproch vun dësem Schoulfach. A wann een eppes aneres hei behaupt, jo, da sinn ech och bei deenen, déi awer behaupt hunn, et hätt een et eigentlech net am Fong gekuckt, oder et muss ee vläicht dann awer Ennerscheeder genuch hei erausschelen, fir en negative Vott kënnen ze jugéieren.

Dee jonke Mënsch soll léieren, sech selwer e Bild ze maachen, d'Liewen an d'Gesellschaft ronderëm sech ze dekodéieren, sech kritesch mat allem ausenangeresetzen an déi Ennerscheeder net nëmmen auszehalen, mä och deem, deen anescht ass, mat Respekt ze begéien, zesummen iwwer reliéis a weltanschaulich Differenzen ewech sech ze engagéieren an zesumme Verantwortung ze iwwerhuelen, zesummen eis demokratesch Gronduerdnung ze verdeedegen, zesumme keen Zweifel un der universeller Gültigkeit vun de Mënscherechter opkommen ze loosse. Wann eis dat gëllt, dann hu mir zesumme vill erreicht fir e friddlecht Zesummeliewen zu Lëtzebuerg an an der Welt an och géint de leider vill diskutierten an noutwendeg diskutierten Phenomeen vun der Radikalisierung.

Dat kann nëmme gëllgen, wann all Denkrichtungen gläichermooes präsent sinn. A wann ech soen, datt dësen historesche Schratt an enger gewëssener Rou dach konnt gemaach ginn, dann huet dat och domadder ze dinn, datt mir trotz der politischer Majoritéit, déi dëse Schratt matdréit, de Konsens mat der kathoulescher Kierch gesicht hunn, e Konsens, deen och säin Ausdrock an der Konventioun vum Januar 2015 tëschent der Kierch an dem Stat fonnt huet.

E méiglechst breede Konsens soll och gesicht ginn, wat d'Inhalter, d'Methoden an d'Léiermaterialien ubelaangt. Duerfir gouf de ganze Prozess och oppen an transparent dokumentéiert a souwuel de Conseil des cultes wéi och d'Veereenigung vun de laizisteschen Associatiounen - woubäi ech ëmmer gemengt hunn, datt nach aner Leit wéi déi, déi sech duerch de Conseil des cultes oder d'Veereenigung vun de laizisteschen Associatiounen representéiert spieren, eigentlech och do misste méi staark nach mat erugezu ginn, déi sech allerdéngs net manifestéiert hunn - goufe regelméisseg consuléiert.

En Aarbechtsgrupp, dee paritéitesch besat war tëschent Reliouns- a Moralsensegnanten, begleet duerch Mataarbechter vum Ministère, huet um Inhalt vum Programm geschafft, un de Léiermaterialien an un de Léiermethoden. An och duerfir muss ech soen, ass et falsch, fir hei ze mengen, et kéint een elo politesch Auseenersetzungen doranner féieren, datt Kritik um Programm, um Inhalt vun deem Fach geübt gëtt. De Minister, dee schafft kee Fach aus, keng Inhalter, definéiert keng Léiermethoden an och keng Léiermaterialien. E beoptragt Leit domadder, dat maache mer hei bei „Vie et société“, dat maache mer an all anerem Schoulfach esou.

A wann een dann hei seet, wéi de Laurent Zeimet et gemaach huet: „Relioun ass marginaliséiert, wat d'Contentue vu Liewen a Gesellschaft ubelaangt“, dann ass dat eng Kritik, déi sech net un de Minister richt. Duerfir soll ee sech dräimol iwwerleeën, ier een esou eppes wéi dat doten hei op der Chambertribün seet.

Dat ausgeschaffte Material kennt Der alleguerten...

(Interruption)

Jo, ech sinn och fräi, meng Meinung dozou ze soen, dat maachen ech jo och hei.

(Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift, loosst den Här Meisch elo schwätzen.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Wann Der all déi...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann Der wëllt, da stellt eng Fro, mä flätscht net dran! Här Minister, Dir hutt eleng d'Wuert.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Et stellt kee méi eng Fro, et flätscht och kee méi.

(Hilarité)

Dat ausgeschafft Material fannt Der alleguerten op vieso.lu. Nei ass zum Beispill fir dëst Schoulfach, datt mer Verbindungen schafen tëschent der Programmkommissioun am Secondaire, déi jo scho fonctionnéiert, an deene Gruppen aus dem Enseignement fondamental, déi do d'Contentuen an d'Materialien definéieren, fir do wierklech e flotten a kohärenten Iwwergang ze kréien. Ech géif mer wënschen, mir hätten dat an anere Fächer an där doter Intensitéit och scho lafen.

Déi Formatiounen, déi ugebuede goufen - et ass alles schonn erkläert ginn a gesot ginn do derzou, denken ech -, hunn eng Dynamik lassgetréppelt, déi esou grouss ass, datt mer all feststellen, datt ganz vill Titulaire-de-classes am Fondamental déi Formatioun gemaach hunn, dat Fach selwer wëllen enseignéieren, deem Fach eng grouss Bedeitung, eng grouss Wichtigkeet ginn, wierklech och wëllen hir Schüler an där doter Situatioun, fir iwwer Froe vu Liewen a Gesellschaft mat de Schüler ze diskutéieren, kenneléieren. Dat bréngt hinnen, denken ech, enorm vill - a bréngt wahrscheinlech och de Schüler enorm vill -, se a Situatiounen ze erliewen, wou et emol anescht ass wéi am Mathematik-, am Franséisch- oder am Däitschunrecht.

Et si ganz pädagogesch Kofferen ausgeschafft ginn. Ech mengen, ech brauch dat hei net nach eng Kéier alles ze beliichten. An de Claude Adam huet absolutt recht: Et ass elo e Fach wéi all anert och, wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn. Mer leeën et eigentlech och an d'Hänn vun deenen, déi et duerno enseignéieren, wéi mer et mat all anerem Fach maachen. An et wäert net an et därer net do stoe bleiwen. Mir müssen eis Erfahrung maachen, mir müsse ganz besonnesch am Ufank och do-rauser léieren. A mir wäerten dat dann och deementspriedend adaptéieren, wann et noutwendeg ass.

Vläicht, Madamm Presidentin, wann Der mer ganz kuerz nach erlaabt - ech versprechen lech, beim nächste Projet sinn ech och méi kuerz -, vläicht e Wuert nach zum Wuert „Séil“.

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Wa mer d'Fach Liewen a Gesellschaft scho gehat hätten, dann hätte mer géliert, datt dat Wuert eigentlech aus dem heedsnesche Glawe kennt an datt domadder beschriwwen ginn ass, datt déi Doudeg weider an hirer Séil existéieren. D'kathoulesche Kierch huet sech duerno dann déi doten Terminologie an dee Begrëff och ugegëent a weidergefuert. Mir kennen en haut nach.

Et huet also net reng eppes mat dem C ze dinn, Här Zeimet. Duerfir kann een och dodrop

zréckgräifen. An Dir hutt net de Monopol do-robbber, mä...

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Dat huet och kee behaupt!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ...mä dat doten, dat si Froen, wéi se do bei „Vie et société“ wäerten thematiséiert ginn. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Minister. D'Debatte wären u sech dann elo ofgeschloss. Da géife mer elo direkt un d'Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7010 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme an dann d'Prokuraen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg.

(Brouhaha)

Et sinn 32 Stëmme derfir, da schéngt den Apparat jo awer gaangen ze sinn. An da 26-mol Nee an zwou Abstentiounen. Sou, domat ass dëse Projet 7010 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren?

(Assentiment)

Merci alleguerten.

Da komme mer zu deem nächste Projet. Dee bleift u sech am selwechte Secteur. Et ass de 7078. Do geet et ëm d'Reprise vun den Ensegnanten an de Chargé-de-coursen, déi d'Relioun enseignéiert hunn. An ech ginn direkt dem Här Rapporteur Lex Delles d'Wuert. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

10. 7078 - Projet de loi portant organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion et portant modification de

1. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles** (DP), *rapporteur*.- Merci villmools, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeems mer dann de Cours „Vie et société“ an der Grondschoul agefuert hunn, schafe mer elo mat dësem Projet de loi d'ge-



setzlech Basis, fir d'Personal, wat bis elo déi Reliounscoursë gehalen huet, ze iwwerhuelen an op nei Posten ze affektéieren.

Ech wëllt vläicht am Ufank nach eng kéier op d'Konventioun ze schwätze kommen, déi de Stat, de Bistum an déi aner Reliounsgemeinschaften de 26. Januar 2015 - wéi mir haut schonn e puermol héieren hunn - ënnerschriwwen hunn. Aus där Konventioun geet eben net nëmmen d'Schafe vum neien „Vie et société“-Cours ervir, mä eben och verschidden Obligationen, déi de Stat bei der Organisation vun der Reprise respektéiere soll. Dozou zielt ënner anerem, dass d'Enseignanten an d'Chargé-de-coursen an der Éducation nationale sollen ënnerdaach kommen an dass si keng Abousse bei hirer Carrière oder hirem Salaire sollen hunn.

Genaousou soll de Stat och berufflech Perspektive schafen, sief dat duerch d'Unerkennung vun hirer Expérience oder duerch eng Offer u Formation-continuen. Ech mengen, dass et op dëser Plaz ganz wichteg ass, ze ënnersträichen, dass et net weinst enger politescher Decisioun ka sinn, dass een eppes bei senger Carrière kéint verléieren. Och d'Tâche, déi d'Leit an Zukunft kréien, soll mindestens där entsprechen, déi se virdu beim Bistum haten. Fir d'Enseignanten, déi Deelzäit beschäftegt waren, gëtt d'Tâche jeeeweils op 25, 50, 75 oder 100% opgerënnt, also no uewen.

Wa mer vun der Éducation nationale schwätzen, da si mer natierlech och direkt beim Stage a beim Cycle de formation. Hei war et ugeduecht ginn, alleguerten d'Leit ze dispenséieren, mä de Statsrot hat domat seng Schwierigkeiten. Elo ass et esou, dass d'Leit, déi virum 15. September 2017 scho mindestens dräi Joer Expérience hunn, vum ganze Stage dispenséiert ginn. Fir déi aner hänkt d'Dauer vum Stage vun der Dauer of, wéi laang se schonn de Reliounsunterricht am Virfeld gehalen hunn.

Der Regierung goug et net drëms, deene betraffenen Enseignanten, déi vläicht scho säit Jorzéngte mat vill Häerzblutt an Iwwerzeegung Reliounscoursë ginn hunn, den Teppich ënnert de Féiss ewechzeziehen. Et war der Regierung vun Ufank u wichteg, eng korrekt a fair Offer fir d'Enseignanten an d'Chargé-de-coursen ze schafen. Dat ass och geschitt.

Madamm Presidentin, wa mer eis ukucken, wien am Moment déi Reliounscoursen an eise Schoulen hält, da stellt ee fest, dass et grouss Ennerscheeder bei de Leit ginn, souwuel wat hir professionell Expérience ugeet wéi awer och hir Etuden, Formation oder berufflech Qualifikatioun. Et ass also e ganz heterogene Grupp. Wa mer dann op där anerer Säit kucken, wéi strikt d'Konditione sinn, fir an d'Éducation nationale eranzekommen, fir soumat eng héich Qualité scolaire ze garantéieren, dann ass et kloer, dass déi betraffenen Enseignanten a Chargé-de-coursen net einfach esou hu kënnen iwwerholl ginn. Et huet ee jee no Qualifikatioun missen differenzéieren a Formationen ubidden, déi dem jeeeweilige Profil zougeschneidert gi sinn.

Wéi geschitt dat dann elo konkret, Madamm Presidentin? Ma d'Enseignantë ginn an zwou grouss Kategorien agedelt: D'Enseignantë mat engem Diplôme d'études secondaires kommen an d'Réserve des suppléants, déi jo schonn duerch d'Gesetz vum 6. Februar 2009 bestet. Da gëtt awer duerch dëse Projet de loi nach eng Kategorie geschafen, an zwar d'Réserve des auxiliaires éducatifs fir all déi Leit, déi eben net kënnen an d'Réserve des suppléants goen.

Ech fänke mat der Réserve des suppléants un. Nieft de gefuerderte Sproochekompetenze gesäit dëse Projet vir, si och eng Rëtsch theoretesch Formationen maachen ze loosse. 120 Stonnen, fir genee ze sinn, déi a siwe Modullen opgedeelt sinn. Dat geet da vun der Legislatioun iwwert d'Pädagogik bis hin zu Sciences humaines, Éveil aux sciences an anerer. Hei si verschidden Dispensen och méiglech, jee no Profil vum Enseignant. Derbäi kënt dann nach eng praktesch Formation vun ënner anere 30 Unterrichtsstonnen an deene véier Cyclé vun der Grondschoul oder enger Klass vun der Ediff oder evidentement dem Centre de l'ogopédie. Souwuel déi theoretesch wéi och déi praktesch Formation gi mat engem Examen sanktionéiert. Falls den Agent d'Exame packt, da kritt hien e Certificat de formation ausgestellt a kënt definitiv an d'Réserve des suppléants.

An deem Kontext ass et och wichteg, ze soen, dass d'Leit, déi u Minimum 80% vun der theoretescher Ausbildung deelgeholl hunn an un

der kompletter praktescher Ausbildung deelgeholl hunn, och an d'Réserve des suppléants kommen, allerdéngs dann hannert déi Enseignantë mat deem Certificat de formation. Dat nämlecht gëllt iwwregens och fir alleguerten déi iwwer 57 Joer.

À propos Alter. Och d'Altersdechargen, vun deenen d'Leit konnte beim Bistum profitéieren, bleiwen an hirer neier Funktioun bestoen. Et soll, wéi gesot, zu kengem Nodeel, zu kenger Verschlechterung vun den Aarbechtskonditione kommen.

Wat hir Carrière ugeet, esou komme si an d'Carrière vun de Chargés de cours, also an d'Carrière E2. Den Agent firt och beim nämlechten Echelon weider wéi deen, deen e beim Bistum erreecht huet.

Madamm Presidentin, ech komme bei déi zweet Kategorie, an zwar d'Réserve des auxiliaires éducatifs. Och si mussen éischts emol e gewëssene Sproochenniveau opweise kënnen. Da kommen och bei hinnen nach eng theoretesch an eng praktesch Formation derbäi. Déi theoretesch Formation gesäit 90 Stonne vir, opgedeelt op 50 Stonnen Tronc commun a 40 Stonne spezifesch Formation. Zu der praktescher Formation gehéiert och nach ee Stage d'observation vun 30 Stonnen.

D'Leit, déi op d'mannst un 80% vun den theoretesche Formationen deelgeholl hunn an de komplette Stage d'observation suivéiert hunn, kréien dann de Certificat de formation ausgestellt.

Zu de Missiounen vun de Leit an der Réserve des auxiliaires éducatifs kann ee soen, dass dës ganz villfältig kënnen sinn. Dat geet ënner anere vum Accueil an der Surveillance vu Kanner oder Jugendleche tëschent de Coursen bis zu dem Encadrement vun de Kanner bei Ausflug oder soss regelméissegen Déplacements oder dem Titulaire de classe mat enger Hand zur Säit ze goen. Och si behalen iwwregens hir Dechargen, déi si virdu beim Bistum haten.

Wichteg ze ënnersträichen ass och, dass et eng Offre de reprise ass, déi dräi Joer gëlteg ass. Et gëtt also kee gezwongen, sech vun haut op muer ze entscheeden.

Madamm Presidentin, zum Schluss kommen ech nach zu engem weidere Punkt vun dësem Projet de loi, an zwar deene 40 Vollzäitposten, déi solle beim Bistum bleiwen, fir kënnen ee Reliounsunterricht an de Paren ze organiséieren. Dës gi weiderhi vum Stat finanzéiert, bis dës Leit an d'Pension ginn. Si ginn also duerno net méi ersat. Dat ass och, mengen ech, e faire Kompromëss, dass déi kathoulesch Kierch kann an enger Iwwergangsphas nach op Leit zréckgräifen, déi schonn eng gewëssen Expérience am Enseignement hunn.

Fir déi verschidden Avice verweisen ech gären op mäi schréffleche Rapport. An ech wëll awer och op dëser Plaz de Kollegen aus der Educationskommissionen Merci soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht a ginn och heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Lex Delles. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, d'Majoritéit huet dann elo virun e puer Minuten de Reliounsunterricht ofgeschafft. Dës Decisioun huet natierlech och direkt Konsequenzen op d'Reliounsenseignanten, déi sech haut net gutt spieren, déi sech zum Deel zanter ville Joren an der Schoul engagéiert hunn,...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Neen, neen, Madamm Lorsché, si spiere sech net gutt!

...déi mat Freed a Begeeschterung hirem Beruff als Reliounsenseignant nogaange sinn, déi Kanner op hirem Liewenswee begleet hunn, déi Famille begleet hunn an déi och zu hirer Schoul gehéiert hunn an déi haut gesot kréien: „Däi Cours an Du, Dir sidd net méi gewollt.“ Ech soe bewosst: „Du bass net méi gewollt“, an net: „Du gëss net méi gebraucht.“

Der Majoritéit ass et drëms gaangen, de Reliounsunterricht ofzeschaffen. Mä dës Decisioun ass net ouni Konsequenzen op d'Liewe vun deenen, déi de Cours gehalen hunn. D'Ofschaffung vum Reliounsunterricht war vun der Regierung annoncéiert a gouf an der Konventioun mat der kathoulescher Kierch virun zwee Joer zementéiert.

Wéi en passant iwwert d'Käpp vun de Betraffenen ewech iwwert deenen hiert Schicksal konnt decidéiert ginn, dat bleift d'Geheimnis vun

deenen, déi um Verhandlungsdësch souzen. Zwee Joer net wëssen, wat een erwaart, zwee Joer kontradiktoresch Aussoen iwwert déi eegen Zukunft héieren.

(Brouhaha)

Elo den 10. Juli... Ech mengen, déi gréng Fraktioun huet Froen, Madamm Presidentin.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Neen, ech mengen, Dir hutt eleng d'Wuert. Fuert emol virun!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci. Elo den 10. Juli, nëmmen zwee Méint virun der Rentrée, gëtt et dann elo méi oder manner Gewëssheet. Eng Decisioun méi wéi op de leschte Stéppel. Woubäi mer eis jo bewosst sinn, datt eng ganz Rei vun deenen Dispositionen eng réckwierkend Ofseening vu Fakten ass, déi an de leschte Méint geschafe goufen.

De Projet de loi ass eréischt am Oktober 2016 deposéiert ginn, d'Konventioun mat der Kierch ass, wéi gesot, aus dem Januar 2015. Wéi onvireet de Minister an d'Regierung un dësen Dossier erugaange sinn, weist sech eleng schonns un dësem Zäitverloscht. Kee sollt eppes verléieren, huet et geheescht. Mä Dir musst jo awer verstoen, datt esou eng Ausso dach an den Ouere vun deene Betraffenen, vun de Reliounsenseignantë liicht zynesch klängt, well natierlech verléiere se vill. Se verléieren hire Beruff. Se verléieren dat, wat se gären an engagéiert gemaach hunn. Se verléieren e Stéck vun hirer Biografie.

(Interruption)

Well natierlech, et ass e radikale Broch. An dës radikale Broch, dee gehäit och e Schiet op dat, wat se bis elo gemaach hunn. An déi Reliounsenseignanten hunn ëmmerhin och am Optrag vun dësem Stat hire Cours an de Schoule gehalen. An dës Stat seet hinnen haut: „Mir wëllen dee Cours net méi.“ An domat geet viles verluer fir eis Kanner, fir d'Enseignanten an och fir d'Gesellschaft.

Madamm Presidentin, wa mer eis fir e Moment gedanklech an d'Logik vun der Majoritéit versetzen, da soen ech: Dir hutt lech sécherlech beméit, fir de Leit eng Offer unzébidden. Se hunn eng berufflech Perspektiv. Se kënnen weider mat Kanner schaffen.

Mä Dir hutt natierlech dee Problem, deen Der elo musst léisen, och selwer geschafen.

► **Une voix.**- Richtig!

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Et ass schwéier, ze jugéieren, wéi Diskussiounen verlaaf sinn, bei deenen een net derbäi war. Et kann een awer nëmme feststellen, datt déi Leit, wa se aus Reunionen koomen, ëmmer méi veronséichert waren, wéi ier se an déi Reunion eragaange sinn, an datt se laang hu missen op Äntwerte waarden. A fir vill Enseignanten ass et bis haut nach net novollzéibar, firwat et ni a Fro komm ass, datt och si vläicht kéinten dee Cours „Vie et société“ halen an net nëmme Chargé sinn, firwat de Bachelor en pédagogie religieuse guer keng Unerkennung fonnt huet, firwat se esou vill fir hir Coursen hu misse streiden a schliisslech bleiwen och nach eng ganz Rei vu Froen op, wat d'Auxiliaires d'éducation betrëfft.

Mir stëmmen dëst Gesetz net! Dat ergëtt sech eleng schonn aus deem Vott, dee mer virdu gemaach hunn. Mat eis wär et net zu enger radikaler Verbannung vum Reliounsunterricht aus de Schoule komm. An ech hat a menger Ried virdu och e puer Pisten opgezecht, déi een hätt kënnen envisagéieren an déi och de Reliounsenseignanten eng Perspektiv gebueden hätten.

Dës Projet ze stëmmen, géif bedeuten, dës Ofschaffung vum Reliounsunterricht nodréiglech dann awer nach ze akzeptéieren. Et géif och heeschen, d'Virgoen an den Émgang mat de Betraffenen nodréiglech guttzeheeschen. An näischt vun all deem kënt a Fro. An dofir droe mer dës Projet och net mat.

An ech soen awer och hei dem Rapporteur Merci fir seng Aarbecht. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Zeimet. Als nächste Riedner hunn ech den Här Georges Engel ageschriwwen. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, wéi schonn an de viregte Rieden ënnerstrach gouf, berout d'Afféiere vum Cours „Vie et société“ am Lycée wéi och am Fondamental op engem Accord tëschent dem Stat an dem Bistum, dee jo Patron war an dësem Fall. Dat, well dës Koalition déi reliéis Neutralitéit vun eise Schoule wëllt garantéieren.

De Stat huet sech awer och derfir engagéiert, fir de Reliounsproffen a -schoulmeeschteren nei Perspektiven ze bidden. D'Proffe goufen an d'Lycéeën integréiert an am Kader vun deem heite Gesetz setze mer dann dat Engagement vum Stat vis-à-vis vun de Betraffenen ëm, déi Reliounscoursen am Fondamental ginn.

Mir garantéieren hinnen also weider hiren aktuelle Salaire an hir Carrière. Vun Ufank u war dat d'Verspriechen an dat Versprieche gëtt och agehalen. Mir schafe professionell Perspektive fir si an erlaben hinnen, eng Aarbecht am Enseignement ze fannen. Mir maachen dat, well mer, wéi gesot, Engagementer am Kader vun eiser Konventioun mam Bistum hunn.

Madamm Presidentin, ech ginn net op d'Detailer vum Gesetz an d'Konditione, déi déi betraffe Persounen erfëlle mussen, an, dat huet den exzellente Rapport vun Här Delles scho gemaach. Ech wëll just prinzipiell ënnersträichen, dass mer hei wierklech no enger fairer Léisung gesicht hunn.

Fair net nëmme fir déi, déi bis elo déi Reliounscoursë ginn hunn. Déi dat och, wéi ech et virdu och scho gesot hunn a menger Ried, zu engem ganz groussen Deel ganz gutt gemaach hunn, ganz engagéiert gemaach hunn an zum Deel och ganz objektiv a sécher och neutral allgemeng Wäerter vermittelt hunn. Et ginn iwwerall schwaarz Schof, och heibannen an am...

► **Une voix.**- 23!

(Brouhaha)

► **M. Georges Engel** (LSAP).- ...an am Enseignement, iwwerall. Mä ech ginn der vun aus, dass deen absolute Gros dat och ganz gutt gemaach huet. Fair net nëmmen, wéi gesot, fir déi, déi bis elo d'Reliounscoursë ginn hunn, mä och fair fir d'Schüler am Fondamental, déi et verdéngen, vu qualifiziertem Personal ënnerriicht ze ginn.

Mir begrëssen derfir, dass Formationen virgesi sinn, fir déi Betraffen och op den néidege schouleschen Niveau ze bréngen. Déi Formationen variéieren jee nodeem, wéi eng Ufanksformation a wéi eng Expérience een huet. Dat huet den Här Delles jo och gesot.

Si kënnen soit an d'Réserve des suppléants soit an d'Réserve des auxiliaires éducatifs, déi nei geschafe ginn ass, kommen. An 71 vun hinnen, déi d'Première oder eng Treizième haten, hunn dann och e Cours vun 120 Stonnen Theorie an 30 Stonne Praxis gemaach. A 55, déi eng Troisième oder eng Onzième haten, hunn déi 90 Stonnen Theorie an déi 30 Stonne Praxis dann och gemaach. Déi 71 schaffen dann och elo als Chargé am nächste Joer.

Domat ass dës Léisung dann och nach fair fir déi aktuell Suppléanten, déi och hu missen duerch déi Formationen goen. Dat ass natierlech keen einfachen Iwwergang, dat si mer eis och alleguer bewosst. Wann ee jorelaang a sengem Beruff geschafft huet an dann op eemol eng nei Situatioun virfënt, dat ass sécherlech net einfach fir déi ronn 140 Concernéiert gewiescht. An däers si mir eis alleguerten och bewosst. Deem ware mer eis och an der Kommission bewosst.

Mä wann een eng Decisioun hält, wou Konsequenzen dru sinn, da muss een natierlech och kucken, déi esou fair wéi méiglech fir déi Bedeelegt ze iwwerbréngen. An dat, mengen ech, hu mer hei gemaach. Dat war eis alleguer bei all Diskussioun och een Haaptuleies.

Madamm Presidentin, et ass awer en néidege Schratt, dee mir hei huelen, fir ze garantéieren, dass eis Schoulen an Zukunft Wäerter vermittelen, an deene sech all eis Schüler erëmfannen, andeems mer och sécherstellen, dass net just eng Relioun Antrëtt an eis Schoule fënt, mä andeems mer ebe grad de Schüler e Weltbild enseignieren, an deem alleguerten d'Reliounen virkommen.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass dat Zesummeliewe vun alle Konfessionen an eiser Gesellschaft eis Gesellschaft och verbessere wäert. An domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Engel. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Madamm Presidentin, och de Vertrieder vun der CSV huet et festgestallt gehat: Mir hu mat deem Projet 7010 vu virdu effektiv de Reliouns- an de Morallsunterricht an eise Primärschoulen zugeschte vun engem eenzege Cours ofgeschafft. Domat hu mer dann awer och déi Situatioun aus der Welt geschafft, déi mir als Gréng ëmmer widderspéichlech fonnt hunn,



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

näämlech datt mer an eisen ëffentleche Schoule Leit schaffen hunn, déi zwee verschidde Patronen haten: engersäits d'Léierpersonal, dat direkt dem Ministère de l'Éducation ënnerstallt war a wou de Chef hiérarchique de Schoulinspekter war - an ab der nächster Rentrée den zoustännige Regionaldirekter -, an anersäits d'Leit vum Reliounsunterrecht, vun deenen de Reliounsinspekter vum Bistum de Chef war.

Vun der nächster Rentrée u schaffen nëmme Leit an eisen ëffentleche Schoulen, deenen hiren direkte Patron de Ministère de l'Éducation nationale ass. A mir fannen dat gutt esou. Vum éischte Moment un, wou d'Regierung deklaréiert huet, si wëllt kee getrennte Reliounsunterrecht méi an den ëffentleche Schoulen, ass och ëmmer kloer gesot ginn a mam Bistum festgehale ginn, datt de Ministère sech senger Verantwortung vis-à-vis vum Personal net géif entzéien an all Mënsch, dee bis elo fir de Bistum an der Schoul geschafft huet, géif och an der ëffentlecher Schoul eng Plaz fannen.

Trotz dëser klorer Ausso ass et natierlech zu enger relativ grousser Onzeffriddenheet beim Reliounspersonal komm, an dat aus Grënn, déi ech duerchaus novollzéie kann. Ech hunn net, wéi den Här Zeimet et e bëssen uklänge gelooss huet, d'Reliounsleit gesinn, ier se an d'Versammlung gaange sinn, an dann erëm, wa se aus der Versammlung komm sinn. Ech hat awer och Entrevuë mat deene Leit an ech hunn eigentlech zwee Grënn fonnt, wou déi Onzeffriddenheet hierkomm ass, an, wéi gesot, se sinn novollzéibar.

Eng Persoun, déi decidéiert huet, wëlle Reliounsunterrecht ze halen, engagéiert sech op e bestëmmte Wee, mécht déi eng oder aner spezifesch Formation, moolt sech eng berufflech Carrière aus, setzt sech perséinlech a berufflech Ziler, plant säi Liewen, an an engem Liewesplang ass d'Aarbecht nun emol eng ganz wichteg Komponent.

Wann ech da meng perséinlech Liewensplanung muss änneren, well eng Regierung, déi ech gewielt hunn oder net gewielt hunn, mir mat enger Decisioun e Stréch duerch d'Rechnung mécht, da sinn ech rosen. Dat ass mënschlech, dat ass verständlech, domat war ze rechnen.

An natierlech mécht e Mënsch sech Suergen, dee gesot kritt: „Dee Beruff, deen s du geléiert hues a fënnef, zéng, zwanzeg oder nach méi Joren ausgeübt hues, deen huet keng Zukunft méi. Du kriss d'Garantie, datt een neie Patron dech iwwerhëlt, mä du kriss eng aner Aufgab. Du muss dech ëmbilden, du muss dech weiderbilden!“ Datt esou e betraffene Mënsch sech ongerecht behandelt a bestrooft fillt, ob-schonn e soss näischt gemaach huet wéi seng Aarbecht, ass och duerchaus nozevollzéien.

Den lenger aus de Reie vum Reliounspersonal, wéi et wierklech eescht ginn ass mat de Pläng vun der Regierung, wéi de Minister ugefaangen huet, dat ëmzesetzen, wat en ugekënnegt hat, war also net verwonnerlech, mä virauszege-sinn.

Madamm Presidentin, mir mengen, datt eis Regierung, datt de Minister Meisch am Dossier Reprise vu Reliounsenseignantë ganz gutt geschafft huet, datt dat Gesetz, wat mir de Mëtt heit stëmme, ee gutt a fairt Gesetz ass, datt de Minister dat Mënscheméiglecht gemaach huet, fir eng ganz gutt, eng gutt oder zumindest eng acceptabel Offer fir all Betraffene ze fannen.

A wann ech och wierklech vill Verständnis fir d'Suergen an den lenger vun de Betraffenen hat, wéi de Prozess ugefaangen hat, dee mer

haut mat zwee Gesetzer ofschléissen, da wëll ech nach eng Kéier ganz bestëmt am Numm vu menger Fraktioun soen: Éischtens, et war richtig a wichteg, e gemeinsame Wäerteunterrecht fir all eis Kanner anzeféieren. An zweetens, mat dem Gesetz vun der Reprise vum Reliounspersonal hu mer eng equitabel Léisung fir déi ganz Schoul fonnt.

Ech verstinn och, datt déi gréisst Oppositionspartei géint de Projet de loi 7010 stëmmt. Do ginn eis Meenungen einfach ausereneen. Dat kann een och net ewechdiskutéieren. Mä wann de Projet de loi 7010 bis gestëmmt ass, da verstinn ech awer net esou richtig, firwat datt d'CSV géint dëse Projet stëmmt. Well ech wéisst net, wat se mam Personal aneres gemaach hätt wéi dat, wat d'Regierung elo mécht.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Den hono-rabelen Här Delles huet a sengem Rapport déi grouss Linne vum Projet de loi opgezielt. Him ee grouse Merci. Ech brauch duerfir net alles ze widderhuelen, mä ech wëll awer däitlech maachen, firwat datt mir, déi gréng, déi erschafte Solutioun vun dësem Projet de loi gutt fannen.

Éischtens, de Ministère huet selbstverständlech säi Wuert gehalen. All Reliounsenseignant, deen dat wëllt, gëtt vum Ministère iwwerholl a verléiert näischt an der Pai.

Zweetens, all Concernéierten huet vun elo un nach dräi Joer Zäit, fir seng Decisioun ze iwwerdenken. Dat heescht, dee kann zum Beispill soen, hie wëllt beim Bistum bleiwen oder eppes studéieren an dann awer nach beim Ministère ënnerdaach kommen. Dat ass eng Offer, déi ech als fair, ech géif souguer soe generéis géif bezeichnen.

Drëttens, all Mënsch ass méiglechst no bei senger Qualifikatioun agestallt ginn. Vun deenen 140 hunn der ronn 100 Zougang an d'Réserve des suppléants. Dat sinn déi mat Première. Fir eng ronn 40, déi en Troisième- oder en Onzièmesdiplom haten, ass extra eng Réserve d'auxiliaires éducatifs geschafe ginn. Dat ass gutt fir déi betraffe Leit an dat ass gutt fir d'Schoul. Ech mengen, den Här Engel hat liicht aner Chifferen. Meng komme vum Site vum Ministère vu virun engem Joer vläicht, mä ech mengen, an de grouse Linne stëmme se.

Véiertens, et ass probéiert ginn, de Leit gerecht ze ginn, ouni de System vum Zougang zu de Schoulen ze verbéien. An et ware souguer vum Ministère nach e bësse méi gënschteg Konditiounen proposéiert ginn, den Här Delles hat et och hei gesot. Mir hunn eis awer un dem Statsrot säin Avis gehalen a wat eis betrëfft, net just, well et eng Opposition formelle war, mä well de Statsrot och recht hat mat senger prinzipielle Bedenken, datt mer eis scho sollen un d'allgemeeng Regeln halen.

Fënneftens, et besteet och d'Méiglechkeet - an och dat huet den Här Delles gesot -, fir beim Bistum ze bleiwen. Dat ass eng Optioun, déi gëtt gäre vergiess. Well onzeffridde ware virun allem déi Leit, déi e Bachelor en pédagogie religieuse haten. Si hunn dee Bachelor net unerkannt kritt. An ech muss och soen, mech huet et e bëssen erstaunt, datt zum Beispill d'Uni Lëtzebuerg awer och carrement näischt unerkannt huet vun deem Studium.

Et kann ee jo och Schoulmeeschter a Léierin studéieren, andeems een an d'Ausland geet. Et sinn der vill an der Belsch ënnerwee. An ech weess net, ob ee Kandidat op enger auslännescher Uni probéiert huet, Deeler vu sengem Bachelor en pédagogie religieuse unerkannt ze kréien. Dat sinn Decisiounen vun Unien, dat géif

mech mënschlech a berufflech schonn interesséieren, wat dann zum Beispill eng belsch Schoul gesot huet. Wann et do Erfahrungs ginn, da wäert ech déi no menger Ried hei wahrscheinlech zougestallt kréien. Ech freeë mech drop.

Et bleift awer och ze soen, datt et mir och e bëssen onverständlech ass, firwat ee mat esou engem Bachelor en pédagogie religieuse wëllt an d'ëffentlech Schoul wiesselen. Dat wier dach wierklech déi optimal Ausbildung, fir Reliounsunterrecht fir de Bistum ze halen.

Madamm Presidentin, ech hat am Ufank vu menger Ried gesot, de Reliounsinspekter wier de Chef vum Reliounspersonal gewiescht. Um Site vum Äerzbistum gëtt nach ëmmer ee Collège des inspecteurs de l'instruction religieuse et morale dans l'enseignement fondamental mat fënnef Leit gefouert.

Vun dëse Leit ass menges Wëssens ni geschwat ginn. Ech huelen un, datt si hir Inspektioun och net haaptberufflech gemaach hunn, fënnef Inspekteren op 140 Leit, dat wier soss awer ze vill generéis. Ech huelen och net un, datt si elo Directeur régional an eiem Enseignement fondamental ginn. Sinn an deem Sënn keng Uspréch un de Ministère gestallt ginn? Dat wier dann nach eng Fro, déi ech un de Minister stellen.

Ech brénge selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Adam. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, och hei erëm e grouse Merci un den Här Delles, well en eis dee Projet esou kompetent präsentéiert huet. D'ADR ass jo net d'accord mat der Of-schafung vum Reliounsunterrecht a mir sinn an der logescher Folleg och net d'accord mat der Behandlung, mat där elo d'Enseignantë konfrontéiert sinn.

Et ass hei scho vill driwwer geschwat ginn, ech brauch dat also net nach eng Kéier alles am Detail ze widderhuelen. Just grondsätzlech kënne mir als Partei och net acceptéieren, datt esou vill Humiliatiounen awer geschitt sinn an esou vill Onsécherheeten déi Leit begleet hunn an der leschter Zäit. Et ass eng Manéier, wou d'Regierung, an dat erkennen ech hunn, probéiert huet, eng Léisung ze fanne fir déi Leit. Ech mengen, et ass jo och den absolute Minimum, deen ee kann erwaarden. Awer trotz deem Chaos waren eng ganz Rei vu Situatiounen - ech wäert eng beschreiwen -, déi awer wierklech net acceptabel sinn.

Et ass onfrëndlech, wéi mat deene Leit ëmgaange ginn ass. Et ass einfach den Ënnerschied ze maachen, ob ee fräiwëlleg an d'Situatioun kënnt, datt een de Beruff wiesselt, oder ob de Stat dat imposéiert. A wann de Stat esou eppes imposéiert, da muss e sech och méi generéis weisen a méi Versteesdemech weisen, wéi dat hei geschitt ass.

Ech wollt op déi Situatioun, fir dat Beispill vun der Konfusioun och an den Diskussiounen e bëssen ze illustréieren, vun deenen Diskussiounen agoen, déi mer an der Kommissioun haten. Näämlech dat ass déi Verwendung fir d'Auxiliaires éducatifs. Wat sollen déi Leit maachen? Do ass gesot ginn: Si assistéieren an der Primärschoul, si intervenéieren net. Dat war d'Antwort op déi Fro: Firwat sinn d'Sprooche-kennntniss - am Ufank ware guer keng virgesinn - duerno ganz niddreg virgesinn? Opgrond vun engem Règlement grand-ducal - do kann een och diskutéieren, ob dat wierklech duergeet, do si fir déi dräi Sprooche B1, A2 an A1 virzugesinn -, dem Règlement grand-ducal vum 12. Mee 2010. Mä d'Antwort war awer: Si intervenéieren net, si assistéieren nëmmen.

Elo kann een natierlech soen: Jo, mä wien assistéiert, dee muss och d'Sprooche kënnen, déi an esou enger Situatioun gefrot sinn. Mä da kënnt eng weider Kontradiktioun, do ass gefrot ginn: Wat maachen dann déi Auxiliaires éducatifs an de Vakanzen? Do ass gesot ginn: Déi maachen administrativ Aufgaben. Esou steet et an de Rapporte vun eiser Kommissioun. Jo, wien administrativ Aufgaben erfüllt, dee muss och erëm d'Sprooche kënnen. Also hei ass eng Konfusioun. Hei ass emol keng kloer Virstellung vun deem, wéi wierklech dee beruffleche Profil vun deene Leit soll an Zukunft ausgesinn.

Ech mengen, vill Virriedner hunn déi Situatiounen beschriwwen, mënschlech Situatiounen. Fir eis ass eng Grondausrichtung do, datt, wann de Stat hiegt an en hält den Dram vun deene Leit hirer berufflecher Existenz ewech - wéinstens an deem Sënn, datt se sech musse

fundamental nei orientéieren -, dann huet dat mat Dignitéit a mat Respekt ze geschéien. An dat hu mer an der Approche vun der Regierung awer vermësst.

A fir dat och nach eng Kéier ze ënnersträichen, wäerte mir dëst Gesetz net matstëmme. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Kartheiser. Et ass elo keen Deputéierte méi hei ageschriwwen, da géif ech direkt dem Här Jugend- an Educatiounsminister d'Wuert ginn zu dësem Projet. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Madamm Presidentin. Ech mengen, et ass bal alles gesot heizou a villes kann ech deelen. Ech verstinn déi Gefiller, déi an deene betraffene Leit virgaange sinn, wou se vun där Annonce hei hiéieren hunn. Ech verstinn och, datt et dann net schnell genuch ka goen, fir konkret ze wëssen: Wat heescht dat dote fir eis?

Ech verstinn, datt, wann ee sech säi Liewe laang op eppes verlooss huet, op de politesche System verlooss huet, op, hei, datt an der ëffentlecher Schoul iwwert de Bistum géif Reliounsunterrecht ugebuede ginn, ee sech wahrscheinlech net konnt virstellen, datt dat géif änneren, datt dat e Beruffschoix war, datt een och nach Formationen gemaach huet, fir dat kënnen ze maachen, an dat duerch eng politesch Decisioun op eemol net méi méiglech ass, ee sech do aus der Bunn gehäit virkënn. Dat hunn ech vun Ufank un ëmmer ganz gutt kënnen novollzéien. Duerfir war et wichteg, datt d'Regierung och schonn an hirem Regierungsprogramm gesot huet, datt natierlech do kee géif fale gelooss ginn, datt mer natierlech géifen Offere fir eng Reprise maachen an datt mer eis do vläicht méi och engagéiert hunn, wéi eigentlech vläicht och noutwendeg gewiescht wär, souwuel fir dem Usproch mam Regierungsprogramm wéi och der Konvention mam Bistum kënne gerecht ze ginn.

Finalemol denken ech, ass et do och net nëmmen eng Fro gewiescht vu Geld a vu Carrière, mä och vu Motivatioun, fir eng nei Aufgab kënnen unzuhuelen, an och, well mer wëssen, datt e Beruff och e Stéck mat Liewenszeffriddenheet ze dinn huet, och déi an enger neier berufflecher Realitéit kënnen erëmfannen.

Et ass gesot ginn, mir hätten do vill Zäit verluer. Jo, ech mengen, datt déi Diskussiounen, déi mer gefouert hunn, déi gemeinsam Reflexiounen, déi mer gefouert hunn, och deen Interessebildungsprozess a Meenungsbildungsprozess op der Säit vun de Concernéierten, déi eng Associatioun gegrennt hunn, déi sech enger Gewerkschaft ugeschloss hunn, fir datt mer do och mat representativen Interlocuteurs konnten zesummen diskutéieren, datt dat effektiv Zäit gebraucht huet. An ech denken och, datt mer haut gesinn, datt et richtig war, sech déi doten Zäit ze huelen, well mer awer aner Léisunge fonnt hunn, wéi se vläicht am Ufank iwwerhaupt virstellbar waren.

Datt et schwierig géif ginn, war kloer, well mer wollten op där enger Säit Brécke bauen an eng nei berufflech Zukunft. Mir wollte se och esou proposéieren, datt do och individuell Weeër méiglech wäeren, datt een och do net seet: „Du hues dat do elo gemaach an duerfir muss de elo dat do maachen an et kënnt näischt aneres a Fro“, mä datt mer do schonn de Choix och géife loosse fir déi Concernéiert, tëschent e puer Optiounen ze wielen, a gläichzäitig op där anerer Säit awer ze soen: „Jo, iergendzwoousch muss mer eis un de Fonctionnement vun der Education nationale halen, mer müssen eis un de Fonctionnement vun der Fonction publique halen a kënnen do net elo hei komplett derzou derogéieren.“

Duerfir si mer jo herno op de Wee gaangen, fir ze kucken: Wat fir eng Basisformatioun hunn déi eenzel Leit? Wat brauch ee vu Formation, fir a gewëssen Aktivitéiten eranzekommen? Wat sinn normal Kritären, déi och aner Agenten, déi déi Aktivitéit do maachen, vu missen erfëlle vu Formation, vu Stagen, vu Berufserfahrung an esou weider?, an eis do ganz, ganz no drun ze orientéieren.

Dat hu mer gemaach an dat huet d'Aufgab natierlech net méi einfach gemaach, huet awer haut, denken ech, vun haut aus un den Avantage, datt déi, déi, sief dat an enger Réserve des suppléants, sief dat op enger vun deene ganz villen anere Méiglechkeeten, wou ee vun



där Réserve des auxiliaires éducatifs kann hin och detachéiert ginn, datt een do net kënnt als een, deen elo e Bypass kritt huet, fir do eranze-kommen, als een, deen net deeselwechte Ba-gage matbréngt wéi all déi aner, déi déi-selwecht Aktivitéit maachen, mä als een, dee ka soen: „Ech hu meng Basisformatioun, ech hunn déi doten Zousazformatioun gemaach, ech erfëllen all Viraussetzung wéi s du, du an du och, déi haut mat mir hei zesummeschaf-fen.“ Ech denken, datt dat fir d'Aarbechtsklima an Zukunft fir déi betrafte Leit extrem, extrem wichteg ass an datt dat och nach ëmmer de richtige Choix war.

Et si Gespréicher am grouse Grupp gefouert ginn. Ech war do och derbäi mat all deene Concernéierten, fir iwwer éischt Prinzipien ze informéieren an ze diskutéieren. Do huet ee gemierkt, datt net engem déi grouss Sympa-thie entgéintgesprongen ass. Et sinn awer och ganz vill Gespréicher tëschent eise Mataarbech-ter vum Personalservice vum Ministère an deene Concernéierte gefouert ginn, Eenzelge-spréicher, eng Kéier, zweemol, dräimol, fir sécherzestellen, datt déi richtig Informatiounen eriwweergaange sinn, datt och mir richtig ver-stanen hunn: Wat ass eigentlech am indivi-duelle Fall déi Perspektiv, déi een eigentlech gären hätt oder déi ee kann offréieren? Well dat awer ëmmer individuell huet missen och gekuckt ginn. Och dat huet Zäit geholl, mä och dat, denken ech, war awer richtig esou.

Mir hunn eis net nëmme bei der Reprise an deenen Offeren, déi mer gemaach hunn, leede gelooss vun den allgemenggültege Prinzipien, wie wat kann, wie wat fir eng Aktivitéit kann ausüben. Mir hunn dat och gemaach a maa-chen et an Zukunft, wann zum Beispill an der Réserve des suppléants festgeluecht gëtt: Jo, wat fir eng Aufgab iwwerhuelen ech elo ab nächste 15. September?

Ech wëll soen, datt net nëmme déi, déi elo vun dësem Gesetz hei wäerte profitéieren, fir an d'Reserve des suppléants ze kommen, nach net wëssen, wat si de 15. September maachen. Och all déi aner haiteg Membere wëssen dat nach net mat Gewësshheet. Also do gëtt et och keng ongläich Behandlung tëschent deenen neie Memberen an deenen, déi haut schonn do sinn, mä datt herno och no deene Regeln, wéi se bis elo ëmmer gültig waren, a wéi ech mer se am Enseignement fondamental och net aneschtens konnt virstellen, gekuckt gëtt: Wien assuréiert wat fir ee Fach?

An do ass et méiglech, datt och een, deen elo Reliounsenseignant war, an Zukunft kann déi eng oder aner Stonn oder méi Stonne souguer „Vie et société“ assuréieren, mä awer no deene Regeln, wéi mer se kennen. Haut si vill Ston-nen, déi vu Chargéen aus der Réserve des sup-pléants assuréiert ginn, no deene Regeln, wéi mer se kennen, no deene Prioritéitsregelen. An dat ass och méiglech. Fest Versprechen do ze ginn, hätt natierlech bedei, datt een deenen, déi haut déi Rechter do hunn, déi haut en rang utile sinn, fir ze wielen, datt een deenen der och virun d'Feiss gesat hätt a virun d'Nues gesat hätt. Dat wollte mer net. Domadder hätte mer sécherlech och kee proppert Aarbechts-klima fir d'Zukunft gehat.

Déiselwecht Iwwerleeung huet eis och gui-déiert, wann et ëm déi Diskussioun gaangen ass: Déi Leit, déi e Bachelor en pédagogie reli-gieuse gemaach hunn, misste mer do net ier-gendwéi aner Weeër nach fannen, aner Aufga-ben, an eng aner Kategorie aklasséieren? Jo, mir hunn dat gekuckt a mir kennen awer emol nëmme am Enseignement fondamental ee Bachelor, an dat ass deen en sciences de l'édu-cation, dee mer unerkennen oder en equiva-lente vun enger anerer Héichschoul. An dat entsprécht nun awer emol net deem doten. An d'Uni Lëtzebuerg, de Claude Adam huet virdu gesot, do si ganz weineg Iwwerschneidungen, esou weineg, datt se kaum eppes konnten un-erkennen. A bis elo konnt op jidde Fall kee be-leeën, datt do hätt misse méi unerkannt ginn. Da kann een och net soen: „Ech hunn elo eng equivalent Formatioun!“

Mir hunn awer deene Concernéierten an där 120-Stonne-Formatioun, déi noutwendeg war, fir an d'Reserve des suppléants iwwerhaapt kënnen eranzekommen, d'office d'Halschent och guttgerechent. Op där anerer Säit, denken ech, hunn ech als Minister eng Verantwortung an ech mengen, et ass keen heibannen, deen

dat wierklech am Häerz aneschtens gesäit, datt mer och fir Remplacementen an der Schoul ze maache Leit brauchen, déi eng Basisnotioun vun Didaktik hunn an der Mathematik, am Franséischen, am Däitschen an och d'Legisla-tioun kenne vum Enseignement fondamental, fir ze wëssen, a wat fir engem Environnement datt se do intervenéieren. An duerfir hu mer awer missen e Minimum vu 60 Stonne fixéie-ren.

Ech wollt nach doriwwer erausgoen, net bei där 120-stënneger Formatioun, déi noutwen-deg ass, fir an d'Reserve des suppléants eranze-kommen, mä ech hat eng Propos gemaach un d'ALERF, d'Representante vun de Reliounsensei-gnanten, fir ze soen: Kommt, mir kucken an Zukunft bei der järelecher obligatorescher For-mation continue, datt mer eventuell do Conte-nuen nach kéinten urrechnen, datt ee vläicht do vun deene 16 obligatoresche Stonnen iwwert déi nächst zéng Joer op aacht Stonne géif erf-gehen! Ech muss awer soen, datt dat och net zu engem Konsens gefouert huet an deenen Dis-kussiounen, soudatt et do och net méiglech war, méi wäit nach ze goe wéi dat, wat mer da virdu festgehalen haten.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Minister, erlaabt Der, den Här Kartheiser wëllt lech gären eng Fro stellen.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Selbst-verständlech!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Madamm Presidentin. Och Merci, Här Minister. Ech wollt just froen: Hutt Der dann net dru ge-duecht, fir bei deem Bachelor en pédagogie reli-gieuse do eng Iwwergangsléisung ze maa-chen? Et hätt een dat jo kënne gläichstelle mam Bachelor en sciences de l'éducation just fir déi Leit, déi e schonn hunn, bis déi da pen-sionéiert gi sinn. Och an aner Beräicher hu mer jo Iwwergangsléisunge gehat. Mä et hätt deene Leit awer weinstens eng Unerkennung vun hiren Diplomer erméiglecht, ouni se wei-der ze humiliéieren. Kuckt emol...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här Kartheiser, Dir hutt e puermol haut de Mëtteg gesot, wann Dir bis an der Regierung sidd, da géif dat an dat änneren.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech kann lech soen: Soulaang ech d'Responsabili-téit an der Regierung fir d'Éducation nationale droen, intervenéiert keen an de Schoulen, deen net eng Basisnotioun huet vun der Didaktik an der Mathematik, am Rechnen, am Däitschen an am Franséischen!

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Neen, dat hu se net gemaach. Si hunn net an deenen dote Fächer enseignéiert. Si hunn net eng Formatioun doranner gehat. Dat ass meng Responsabilitéit, fir d'Qualitéit vum Enseigne-ment fir all Kanner hei am Land ze assuréieren. An duerfir konnt ech a wäert ech op esou Fuer-derunge wéi déi doten net agoen!

Ech hoffen, datt bei all deene schwierigen Dis-kussiounen, déi mer haten, Kloeerheet ass elo fir déi Betreffen. Ech hoffen, datt e gutt Zesum-mewuessen an deenen Equipe wäert sinn, déi sech do wäerte bilden, souwuel an der Réserve des suppléants wéi och an der Réserve des auxiliaires éducatifs, wou mer jo innovéiert hunn, fir iwwerhaapt d'Méiglechkeet ze hunn, fir Weeër kënnen opzemaachen, wou déi Leit a ganz ënnerschiddlech Berufsaktivitéite kënnen eragoen.

Dat kann dat sinn, wat hei beschriwwen ginn ass. Dat kann awer och an engem Lycée eng ausserschoulesch Aktivitéit sinn. Dat ka beim SNJ eng Aktivitéit sinn, dat ka bei de staatleche Kannerheemer eng Aktivitéit sinn. Do hu mer eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten opge-maach. De Choix läit net bei eis. De Choix läit bei deene Betreffenen, fir erauszufannen, wat een an Zukunft eigentlech wëllt maachen a wou engem seng Motivatioun läit. An ech hoffe finalement, datt do déi Betreffen alle-querten hir Motivatioun zrëckfannen an och an hirer zukünftiger beruflecher Aktivitéit e Stéck Liewensfreed kënnen owes mat heem-huelen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Minister.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fänken dann elo u mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 7078.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7078 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Prokura.

De Vott ass ofgeschloss: 34 Jo, 26 Neen. Do-mat war dee Projet 7078 dee Moment ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Georges Engel), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Roger Negri), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lam-berty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Vi-viane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Glo-den (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren?

(**Assentiment**)

Merci.

Sou! Bleift eis nach ee Projet, eng punktuell Emännerung vum Mietsgesetz, den „Bail à usage d'habitation“, an och verschidden Dis-positiounen vum Code civil. Dat ass de Modèle de base. An ech géif direkt dem Rapporteur Max Hahn d'Wuert ginn.

11. 7127 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission du Logement

► **M. Max Hahn** (DP), *rapporteur*.- Merci, Madamm Presidentin. An eise Gemenge kann et emol virkommen, dass sech Locatairen a Propriétaires net iwwert de Loyer eens ginn oder de Montant vun de Chargen. Dacks fanne béid ënner sech en Accord. Mä sollt dat net de Fall ginn, kënnt déi sougenannten „Commis-sion des loyers“, d'Loyerskommissioun also, an d'Spill. Dës Commissioun muss dann decidéie-ren, ob d'Héicht vum Loyer unzepassen ass oder net. An deenen allermeeschte Fäll geet et esou. E Kompromëss kann iwwert deen dote Wee fonnt ginn, ouni dass dat Ganzt op d'Ge-riicht muss goen.

Zënter dem Gesetz vum 21. September 2006 hunn awer net méi all d'Gemengen hir eege Loyerskommissioun. Fir d'Gemenge mat man-ner wéi 6.000 Awunner ginn et kantonal Kom-missiounen. Hei besteet also eng Ulafstell fir méi Gemengen zesummen. Am Gesetzesprojet, iwwert dee mir hei schwätzen, geet et ëm d'Veereinfache vun der Nominatiounsprozedur vu genau dese kantonale Loyerskommissioun-en.

Wéi gesot, am Moment ass d'Nominatiouns-prozedur vun de Membere vun de kantonale Loyerskommissiounen net ëmmer praktesch. Ech erkläre mech: Fir Gemenge mat iwwer 6.000 Awunner ass et relativ einfach. Déi effek-tiv Memberen a Stellvertreider gi vun de Ge-mengeconseilleren designéiert a vum Innenmi-nister approuvéiert.

Wat awer elo déi Gemengen ugeet, déi manner wéi 6.000 Awunner hunn a fir déi domadder eng kantonal Loyerskommissioun zoustänneg ass, ass et bis elo méi komplizéiert. Déi ver-

schidde Conseillere aus all de Gemenge mussen zesummekommen, fir eng Lëscht mat Kandidate festzehalen. Et war awer net ëmmer einfach, all dës Leit zesummenzekréien, beson-esch well a verschiddene Loyerskommissioun-en eng grouss Zuel u Conseillere hu missen uwiesend sinn.

Dass et d'Distriktskommissariater ënnert där Form jo zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 2. September 2015 net méi gëtt, brauch ech lech heibannen net ze soen. An deem Sënn mécht de Gesetzesprojet vun haut och hei déi néideg Upassungen.

Déi elo grad beschriwwen schwéierfällg Pro-zedur gëtt mat dësem Gesetzestext vereinfacht. Dat, andeems se duerch e Vote par cor-respondance ersat gëtt. Sou brauch da keng speziell Reunioun méi organiséiert ze ginn. Dës nei, vereinfacht Prozedur baséiert sech op den aktuelle Modell vun der Designatioun vu Ge-mengendelegéierten, déi an engem Syndikat méi wéi eng Gemeng representéieren.

Madamm Presidentin, souwuel d'Chambre des Métiers wéi och d'Chambre de Commerce ge-sinn dese Gesetzesprojet positiv. Dat, well et zu enger Simplification administrative kënnt. Ech mengen, an engem Zäitalter vun Internet an iPad ass et richtig, eise Gemengeresponsabe-len och d'Liewen esou einfach wéi méiglech ze maachen. Elo gëtt einfach e Bréif geschéckt, am-plaz dass eng Reunioun vun all de Conseil-leren aberuff muss ginn.

Wann ee weess, dass eis Leit an de Gemenge wierklech genuch Aarbecht hunn, kann een dës Annerung nëmme begreissen. Ech mengen, dat schéngt eng Léisung ze sinn, déi jiddwer-eeen zefridde sollt stellen.

Fir déi eenzel Avisen, Madamm Presidentin, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. An ech soen lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur, dem Här Max Hahn. Als éischten ageschriwwene Ried-ner hunn ech den Här Marc Lies.

Discussion générale

► **M. Marc Lies** (CSV).- Madamm Presiden-tin, Merci fir d'Wuert. Ech maachen et kuerz. Bon, ech mengen, de Rapporteur, de Max Hahn, huet dat virbildlech gemaach, huet all Detail explizéiert vun dese Modifikatiounen. An duerfir och him ee ganz, ganz décke Merci fir deen ausféierleche Rapport. An ech ginn hei-mat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Lies. Als zweet Riedne-rin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Taina Bofferding.

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP).- Merci. Ech schlësse mech dem Virriedner un a géif dann och dem Deputéierte Max Hahn Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a ginn domadder dann direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och lech. Dann den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Ma-damm Presidentin. Ech wëll och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn an dem Rapporteur Merci soen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och lech. An dann nach den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Ma-damm Presidentin. Mir wäerten dese Projet de loi och matstëmmen, wollten awer nach drun erënneren, datt och am Koalitiounsaccord vun der Regierung drastoung, datt iwwerhaapt d'Commissions des loyers missten nach refor-méiert ginn, notamment och en Droit d'auto-saisine sollte kréie bei enger Allocation loyer, fir dofir sécherzestellen och, datt keng iwwer-deiert Loyere sollen esou subventionéiert ginn.

Mir sinn der Meenung, datt déi Commissions, datt déi Kommissiounen immens wichteg sinn an zurzäit och net ëmmer esou funktionéieren, wéi se sollten, an de Gemengen, well mer wës-sen, datt vill Locatairen net ëmmer sech bewosst sinn, wat hir Rechter sinn a wou se sech kéinte mellen.

Mir wäerten natierlech dat heite matstëmmen. Dat mécht Sënn, déi Reform. Mä mir wäerten eis och freeën, wa wierklech och eng richtig Verstärkung vun dese Kommissioun wäert duerchgezu ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och lech, Här Wagner. Soss